


Biissen, den 12. Oktober 2020

Dir Dammen an Dir Hären aus der Politik,

No der Sendung "Kloertext" vum 24. September 2020 gouf et eis kloer, dat deen dubiéisen Projet vun engem Google-Datenzenter nach net vum Dësch ass.
Et ass eigentlech net u private Bierger, Efforten a Käschten ze maachen, fir géint esou e Projet virzegoen, a mat Flyeren a Pannoen, seng Matbierger ze sensibiliséieren, wéi dat zu Biissen gemaach gouf.
Mir mussen et awer maachen, well mer gesinn, dat d'Politik vergiess huet di wesentlech Froen ze stellen a mir also dorop och keng Äntwerte kruten:

- Firwat gouf grad Biissen, mat all deenen technesche Problemer, déi do bestinn, als Standuert fir Google envisagéiert? Am Süden vun eisem Land ginn et Plazen, wou d'Stroum-,an d'Waasserversuergung, d'Opfangbecken an d'Ofwaasserent-suergung scho bestinn oder mat manner Opwand ze installéiere wären.
- Wat bréngt dee Projet eisem Land um finanzielle Plang (ausser massiven Onkäschten)?
- Wéini fänkt dee Projet un profitabel ze ginn a spullt massiv Steieren an d'Staatskeess?
- Kënne mir dee Finanzplang gesinn?
- Wouhier huele mir de Stroum erbäi? Kritt Google dee geschenkt?
- Wat fir Auswierkungen huet dee Projet op eis Ëmwelt an op d'Waasserversuergung, d'Waasserqualitéit an op de Waasserpräis am Land?
- Wat fir Inzidenzen huet deen eventuelle Chantier an duerno de Betrib op d'Liewensqualitéit vun den Awunner an de Verkéier vu Biissen an Ëmgéigend?

Mir ginn dovun aus, dat Etüden iwwert all des Onkloerheeten bestinn.
**Firwat ginn des Etüden an hir Äntwerten vun Iech net sou oppe geluecht, dat se kënnen iwwer Internet agesinn ginn?**
Do kënt den Androck op, dat mir do eis Nues net sollten dra sträcken an dat iwwert eis Käpp ewech hantéiert an decidéiert gëtt.
A genau wéi beim Klimawandel, ginn Awänn vun der Wëssenschaft a vun de betraffene Leit kaum oder iwwerhaapt net a Betruecht gezunn. All di Problemer di Google mat sech bréngt, ginn dono ons Problemer a sinn entweder net méi ze léisen, oder kaschten eis nächst Generatiounen vill Geld.

**Ee Prestigeprojet, wéi dësen, sollt vun Iech hannerfrot a genauestens gepréift ginn, ier Dir eng Stellung dozou huelt.**
**Wou bleift déi Transparenz, déi sech praktesch all Parteien op de Fändel geschriwwen hunn?**
Dat sinn alles Froën, déi mir als direkt betraffen Awunner vu Biissen scho viru Méint gestallt hunn, an nach ëmmer bleift d'Politik ons d'Äntwerte schëlleg.
Wann d'Politiker op kommunalem an op nationalem Plang agéieren, wéi wann all d'Problemer aus der Welt geschaaft wären, gesi mir awer lo grad, dat alt erëm ee PAP zu Biissen zum Vote zougelooss gouf, obwuel nach villes eng Klärung brauch..
Mir verlaangen, dass d'Awunner vu Biissen an Ëmgéigend, awer och all intresséiert Bierger aus eisem Land, am Virfeld vun esou grousse Projet'e mat agebonnen an ëm hier Meenung gefrot ginn.
An der Schwäiz geet dat ganz gutt! Dat sollte mir och bei eis aféieren!

**En Austausch vun Informatiounen mat de Bierger, ass en Zeeche vu Respekt vum Wieler.**
**Iwwert äis Käpp Decisiounen ze huelen, déi nach fir Generatioune gëllen, ass et nët!**

Biergerinitiativ Biissen